Beetebuerg, Mee 2020

**Salut alleguer,**

Am Numm vum ganze Comité hoffen ech, dass et iech an äre Famillje gutt geet. Et ass zimmlech vill geschitt déi läscht Wochen. Dofir wollt de Comité iech mol eng Rei Informatiounen zoukomme loossen, wéi et mat eisen nächsten Aktivitéiten ausgesäit. Dëst bezitt sech natierlech op **de Stand vun haut**, wann eppes sollt an deenen nächsten Deeg, Wochen oder Méint änneren, da wäerte mir mussen Upassunge man zu deem wat dir hei liest.

## Ofgesoten Aktivitéiten

Wéi dir all wësst hu mir leider missen eisen Theater vum 9., 10. a 16. Mee ofsoen. Hei sinn awer nach eng Rei aner Aktivitéiten, déi och ausfalen oder ausgefall sinn:

- 28. Mäerz : Grouss Botz
- 26. Abrëll : Concert mat der HMB
- Mëtt Juni: Braderie
- 22. Juni : Festivitéite vun Nationalfeierdag
- 28. Juni : Memberstreff

Wat eist Stéck vum Fréijoer ugeet, do hoffe mir, dass mir dat dann eventuell d'nächst Joer am Fréijoer kënne spillen.
D'Musek huet och wëlles, hire Concert nozehuelen. Mir sti mat hinnen a Kontakt, mee mir wëssen elo awer nach keen neien Datum.

Dann ass och déi altertümlech Kiermes am Oktober ofgesot. Mir haten iech jo an der Generalversammlung erzielt, dass mir do sollte mat engem Poppen-

/Kasperltheater optrieden. Dëst huet näischt mam COVID-19 ze dinn, mee et huet sech ausser eis kee Veräin interesséiert gewisen, fir matzemaachen an dofir léisst d'Gemeng déi Iddi erëm falen.

## Ausfluch September op Stuttgart

Eigentlech war fir den Abrëll eng Ausfluchsnews mat weideren Detailer geplangt. Mir hunn déi awer no hanne verluecht, well mir zu deem Zäitpunkt nach net konnten aschätzen, wéi et am September mat Ausflich ausgesäit. Leider wësse mir elo zu dësem Zäitpunkt nach net vill méi ☹. Mir wëllen nach bis Ufank Juli ofwaarden a kucke wéi sech alles entwéckelt an da kritt dir weider Informatiounen op mir kënne fueren oder net.

## Stéck Hierscht

Och wat den Theater am Hierscht ugeet, kënne mir elo nach net soen, op mir kënne spillen a wa jo, ënnert wéi enge Konditiounen. Vu dass dat awer elo nach zimmlech laang bis dohinner ass, huet de Comité decidéiert fir esou wéi ëmmer mat de Preparatiounen unzefänken. Mir si fläisseg umgaange mat Stécker liesen an de Pascal mécht eng Ëmfro bei den Acteuren an Actrice fir ze kucken, wie kann/well spillen. (Hie mellt sech bei iech.)
Datumer, déi festgehale gi sinn, an déi dir iech opschreiwe kënnt, sinn déi folgend:

- **Samschdes, den 28. November**
- **Sonndes, den 29. November**
- **Freides, de 4. Dezember**
- **Samschdes, de 5. Dezember**

Mir mussen dann am Laf vun deenen nächste Méint kucken, wat sech ergëtt an op et méiglech ass, ënnert de gewinnte Konditiounen ze spillen oder net.

President
Alain LILTZ
☎ 621 759 628

E-mail:
theater@btf.lu

Vize-Presidentin & Sekretariat
Michèle SCHNEIDER
☎ 621 480 615

## Internetsite

Zum Schluss dann nach eppes méi Flottes ☺ Eisen neie Site **btf.lu** , vun deem mir iech an der Generalversammlung erzielt haten, ass prett fir online ze goen.

Vu dass do awer Fotoe sollen dropkommen, brauche mir eng Autorisatioun vun all Member, dass mir Fotoe vun iech kënnen drop setzen. Dofir schécken ech iech an dëser Mail en Dokument mat, dat dir w.e.g **esou séier wéi méiglech sollt ausfëllen, ënnerschreiwen a mir zeréckschécken**. Dir kënnt dat entweder per Mail man oder mir den Ziedel heem schécken op d'Adress:

**140, rue de la Libération**

**L-3511 Dudelange**

Wann dir keen Drucker doheem hutt an ech iech den Ziedel soll heem schécken, da mellt iech bei mir.

Mat dësem Site huet de Comité och nei Emailadresse kritt. Eis Emailadress beetebuergertheaterfrenn@gmail.com gëtt no an no ofgeschaaft an duerch **theater@btf.lu** ersat. Dir wäert an Zukunft also Maile vun dëser Adress kréien a kënnt och selwer dohinner schreiwen.

D'Comitésmemberen hunn och eng perséinlech Emailadress, dat heescht, dir braucht hinnen net méi op hier privat ze schreiwen. Si funktionéieren all nom Prinzip virnumm@btf.lu , also zum Beispill:

**alain@btf.lu** **michele@btf.lu** **vanessa@btf.lu**

Souwäit bis elo. Wa mir weider Informatiounen hunn, da kritt dir déi natierlech matgedeelt.

*Bleift gesond a mat ganz léiwe Gréiss,*

*Fir de Comité,*

*Michèle*

President
Alain LILTZ
☎ 621 759 628

E-mail:
theater@btf.lu

Vize-Presidentin & Sekretariat
Michèle SCHNEIDER
☎ 621 480 615